Un d'Enseignanten aus de Grondschoulen

Gréiwemaacher, den 29. Januar 2026

Betrëfft: **CHARITY CROSS 2026 - Invitatioun op den 23. Charity Cross vum Maacher Lycée**

Dir Dammen an Dir Häre,

Am Numm vun deene sëllege Beneficiairë vun de Jore virdru, seet den Organisatiounskommitee vum Charity Cross 2026 all deene Merci, déi duerch hir aktiv Participatioun zum enorme Succès vun dësem Event an der Vergaangenheet bäigedroen hunn. Nom CC25 vum leschte Joer, konnten am Ganzen 232.222 € un eis Beneficiaire verdeelt ginn.

Och dëst Joer si mir nees frou, Iech mat Ärer Klass op den

23. CHARITY CROSS

ze invitéieren, deen e Freideg, de 15. Mee 2026, vun 9.00 bis 13.45 Auer am Stadion **'Op Flohr'** zu Gréiwemaacher wäert sinn.

Jiddereen - Schüler, Elteren, Enseignanten, Familljememberen, Frënn a Bekannten -, dee matmécht fir de gudden Zweck, leeft esou vill Kilometer wéi méiglech. All Leefer ass invitéiert, am Viraus Sponsoren ze sichen, déi sech verflichten, entweder e fixen Don oder e Betrag fir all gelafene Kilometer ze bezuelen. Déi Suen, déi esou gesammelt ginn, ginn duerno u verschidde Beneficiairë verdeelt.

☎ 75 06 65 – 5905
www.maacherlycee.lu B.P. 29 L-6701 Grevenmacher charitycross@mlg.lu

BENEFICIAIRË VUM CHARITY CROSS 2025

Och bäi dëser 23. Editioun vum Charity Cross, dem CC26, gi mir dovun aus, datt eng bedeitend Zomm wäert gesammelt ginn. Mat deene Suen ënnerstëtze mir dann déi heite karitativ Associatiounen, déi den Organisatiounskommitee erausgesicht huet:

1) **Fleegestatioun fir wëll Déieren zu Diddeleng**
2) **Solina - Op de Patten**
3) **ALAN maladie rares Luxembourg**
4) **Stëmm vun der Strooss**
5) **Parkinson Luxembourg**
6) **Ile aux Clowns**
7) **Ubaka**
8) **Wonschstär**
9) **Pour une Parenthèse**
10) **Institut St. Joseph zu Betzder**
11) **Scouten am Nepal FNEL**
12) **Ninos de la Tierra mam Projet "Teatro Bus" am Chile**

D'Associatioune si vu verschiddene Klassen aus dem MLG proposéiert ginn.
Et ass och nach ëmmer esou, datt am Fall vun aussergewéinlechen Ëmstänn, den Organisatiounskommitee vum Charity Cross kuerzfristeg kann entscheeden, en Deel vum Erléis vum CC26 un en zousätzleche Beneficiaire (13) ze ginn.

Den Organisatiounskommitee huet bewosst och kleng Associatioune gewielt. 4 vun deenen 12 Associatiounen sinn net autoriséiert, Certificaten auszestellen, déi et de Sponsoren erlaben, hiren Don am Kader vun der Steiererklärung ofzesetzen. Dofir kënnen esou Certificaten och nëmme fir en Deel vun den Donen ausgestallt ginn, mat Prioritéit fir di grouss Donen.

☎ 75 06 65 – 5905
www.maacherlycee.lu B.P. 29 L-6701 Grevenmacher charitycross@mlg.lu

OFLAF VUM DAG

Wärend dem Charity Cross de **15. Mee 2026** ass vun 8.15 Auer un fir den Accueil vun de Klassen aus de Grondschoule gesuergt. Den éischte Start fir déi jonk Leefer an hir Enseignanten ass um 9.00 Auer. Déi Schoulen, déi méi spéit op Flohr ukommen, lafen esou bal si prett sinn.

Vun 9.00 bis 11.00 Auer ass d'Streck exklusiv fir Kanner aus de Grondschoulen an hir Enseignantë reservéiert. Eréischt vun 11.00 Auer un ass d'Course op fir jiddereen. Jidderee kann esou laang lafen, wéi hie wëll (bis spéitstens 13.45 Auer) a Pause maache, wéini hie wëll.

D'Erfarung aus de Jore virdru weist, datt eng grouss Zuel vun de Busser géint 9.00 Auer beim Stadion ukommen a vill Leefer tëscht 9.30 an 11.00 Auer op der Streck sinn. Dofir ass et och méiglech, réischt um 10.30, 11.00, 11.30 oder souguer um 12.00 Auer 'Op Flohr' ze kommen. Och dëst Joer hunn d'Klassen, déi hir Mëttespaus um Stadion verbréngen, nees d'Méiglechkeet, zu moderate Präisser eppes op der Plaz z'iessen. Méi Informatiounen zu dësem Thema ginn Iech mat Zäite geschéckt. Aus organisatoresche Grënn (Zuel vun de Busser virum Stadion, Unzuel vun de Leefer op der Streck, asw.) invitéiere mir Iech, d'Méiglechkeet ze notzen, fir méi spéit op de Stadion ze kommen a bis 14.00 Auer do ze bleiwen.

UMELDUNG

Fir de 15. Mee 2026 um 23. Charity Cross deelzehuelen, kënnt Dir Iech esou umellen :

D'Aschreiwung leeft net méi wéi bis elo iwwer eng Excel-Datei, mee iwwer en **eForms**, deen all responsabelen Enseignant fir seng Klass ausfëlle muss. Klickt dofir w.e.g. op dëse Link: http://www.edulink.lu/qfhg

Gitt w.e.gl. bei Äre Schüler just deen ee (1) Virnumm un, deen herno och um Dossard soll stoen.

Fir Är **Arrivée bäim Stadion** ze plangen, biede mir Iech, Iech mat all deenen aneren Titulairen aus ärer Schoul ofzeschwätzen. Fir en Iwwerbléck ze kréien, wee wéini lafe wëll, biede mir iech eis elo schonn déi provisoresch Zäiten am eFroms matzedeelen.

☎ 75 06 65 – 5905
www.maacherlycee.lu B.P. 29 L-6701 Grevenmacher charitycross@mlg.lu

Aus organisatoresche Grënn biede mir Iech, Iech bis spéitstens e **Freideg, den 13. Februar 2026** unzemellen. Duerno maache mir d'Aschreiwungen fir déi Schoulen op, déi um CC25 net dobäi waren, falls nach Plaze fräi sollte sinn.

Mir schécken Iech d'Sponsorziedele fir déi ganz Klass, soubal d'Aschreiwungen eriwwer sinn.

Zéckt net, eis op charitycross@mlg.lu ze kontaktéieren, wann nach Froe sinn. Weider Informatiounen zum Charity Cross 2026 fannt Dir och op www.mlg.lu.

Mir kënnen eis aus Sécherheetsgrënn leider net méi erlaben, nach weider ze wuessen. Sollt Dir nei Kolleegen an ärem Zyklus hunn, dierf Dir hinnen d'Invitatioun natierlech gäre weider ginn. Si kënne hir Klass dann och iwwer den eForms umellen.

Mir wäerten an enger éischter Phase awer keng nei Schoulen unhuelen. An der Dropdownlëscht am eForms stinn just déi Schoulen, déi schonn 2025 um Charity Cross deelgeholl hunn.

Falls Dir d'Schoul gewiesselt hutt, a mat ärer neier Schoul wëllt um CC26 derbäi sinn, kënnt Dir ären Interessi gäre lo scho iwwer charitycross@mlg.lu matdeelen. Sot eis kuerz, mat wéi enger **Schoul** a mat wéi vill **Klassen** a **Schüler** Dir wéilt op Maacher kommen. An och, fir wéi vill **Auer** Dir plangt ze kommen. Mir kucken dann nom 13. Februar, wéi et mat den Aschreiwungen ausgesäit, an op mir Iech nach kënnen unhuelen. Denkt hei drun, datt mir no 11.00 Auer nach méi Sputt hunn, wéi z.B. Moies um 9.00. Merci fir Äre Versteesdemech.

An der Hoffnung, der vill vun Iech um 23. Charity Cross begréissen ze kënnen, verbleiwe mir mat beschte Gréiss.

Fir den Organisatiounskommitee,

Yves MENTGEN

☎ 75 06 65 – 5905
www.maacherlycee.lu B.P. 29 L-6701 Grevenmacher charitycross@mlg.lu